# NEWSLETTER I/2023

ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine



## -Save the date-

- **How to Medicine 2023**
  18.03.2023
- **Petziklinik "Relais pour la vie"**
  25.03.2023
- **Participatioun Relais pour la vie**
  26.03.2023
- **Training Day**
  08.04.2023

ALEM asbl
2, Avenue de l'université
L-4365 Esch-sur-Alzette

contact@alem.lu
alem.lu

alem.lu
alem.lu

SCOME
Medical Education

## Studieninfoen


Eist SCOME Team war och dëst Joer scho fläisseg an huet op Studieninfoen a verschiddene Lycéeen, Schüler*innen de Medezinstudium, d'Umellung an hier Optiounen erklärt. Dës Eventer sinn ëmmer eng flott Geleegenheet Froen vu zukünftege Medezinstudéierend ze beäntwerten an och nei Schüler*innen fir d'Medezin ze begeeschteren.



Webinaire op der Uni am Hybrid Format den 20.02.2023




Studieninfo am Lycée du Nord zu Woltz den 25.02.2023




Studieninfo am Online Format fir de Campus Geesseknäppchen


Eis nächst Studieninfo ass den **25.03.2023** am **Lycée classique de Diekirch**, wann dir Loscht hudd matzemaachen, mellt iech gäeren ënnert contact@alem.lu!

ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

SCOPH
Public Health

## Relais pour la vie 2023

Wéi d'lescht Joer schonn bilde mir als ALEM och 2023 rëm eng **Ekipp connectée um Relais pour la Vie**, dëst Kéier zesumme mat de Membere vun den ALMEVS.
Ziel ass et, als Ekipp eng Unzuel vu mindestens 24 Stonne Beweegung iwwert de ganze Weekend vum 25.- 26. Mäerz zesummenzekréien an dobäi Spenden am Kader vun der Kriibsfuerschung ze sammelen. Wann s du Member vun der ALEM oder vun den ALMEVS bass, kanns och du dech iwwert eise Forms umellen. Däi Beweegungspensum kanns du dann entweder mat eis zesummen an engem Tour duerch d'Stad oder ganz einfach vun doheem aus tracken. Du kanns eis Ekipp lo schonns mat enger klenger Spend ënnerstëtzen,
De Link fir d'Umellung a fir een Don fënns du an eisem Linktree op Instagram.
Mir soen der scho Merci am Viraus!




## Petzikliniken



Esou ewéi déi lescht Joren organiséiere mir och dëst Joer erëm Petzikliniken wou mir de Kanner op eng spilleresch Aart a Weis wëlle bäibrénge keng Angscht musse virum Dokter ze hunn. Dofir siche mir och ëmmer no Ënnerstëtzung, wanns du also Loscht hues ze hëllefen eis Petzipatienten ze behandelen a gäere mat Kanner zesumme schaffs, da schreif eis op **contact@alem.lu**!

**Datumer dëst Joer sinn:**
**25.03.** um Relais pour la Vie
**18.05.** zu Suessem
**01.07.** um Schoulfest zu Lalleng
**08.07.** zu Heeschdref

ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

# INTERNATIONAL AFFAIRS

## March Meeting 2023

De March Meeting ass eng vun den zwou Assemblées généralen vun der IFMSA (International Federation of Medical Students Associations) an vereenegt all Joers Ufanks Mäerz ongeféier 900-1000 Medezinstudéierend aus insgesamt 139 Länner. Dëst Joer fënnt de March Meeting zu Tallin vum 1. bis de 7. Mäerz statt.
Mir ginn dëst Joer vertrueden vun eiser Delegatioun déi sech zesummesetzt aus dem Anne (Head of Delegation), Katrin (Co-Head), Melanie, Felix, Alexander, Yannick, Karina an Tim.
Och dëst Joer wäert dir de Meeting iwwert eis sozial Medien verfolge kënnen.





## EuRegMe 2023

De EuRegMe (European Regional Meeting) fënnt eemol am Joer statt a versammelt ongeféier 300 Medezinstudéierend aus iwwer 40 Länner déi all Deel vun Europa no de Critèren vun der UNO sinn. Wärend dësem Meeting soll de Fokus op europäesch Thematiken a Problemer geluecht ginn. Dëst Joer fënnt dës Assemblée vum 10.04.-13.04. zu Sarajevo a Bosnien-Herzegovina statt.

**Fir méi Infoen wéi sou Meetinger oflaafe, kuckt eise Video: "IFMSA General Assembly - Wat ass dat?" op Youtube!**

ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

# Sieft dobäi!

## How to Medicine 2023

Den 18. Mäerz fënnt um Campus Belval vun der Uni.lu déi zweet Editioun vum How to Medicine statt. Dësen Dag soll de Schüler aus dem Lycée d'Méiglechkeet ginn e klengen Abléck an de Medezinstudium ze kréien. Dofir gi verschidde léierräich Atelieren organiséiert. Wann's du motivéiert bass eis deen Dag bei den Atelieren ze hëllefe kanns du dech gären ënner **contact@alem.lu** mellen. Mir freeën eis dech kennen op deem Dag ze begréissen!






## Training Day 2023

Säit 2016 organiséiert d'ALEM a Kooperatioun mat den Hôpitaux Robert Schuman eemol am Joer den Training Day. Och dëst Joer kann dësen Dag nees den 8. Abrëll am Hôpital Kirchberg stattfannen. Wéi all Joer huet dësen Dag als grousse But, praktescht an theoretescht medezinescht Wëssen aus éischter Quell Medezinstudéierend aus alle Joren ze vermëttelen, dëst och rëm mat flotten Atelieren a Workshops fir déi dir iech umelle kënnt.
Méi Infoen kommen geschwënn no, abonnéiert eis dofir op eise soziale Medien fir näischt ze verpassen!




ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

# Net verpassen!

## How to Medicine 2023

| | | |
|---|---|---|
| 18 | 03 | 23 |

## Petziklinik " Relais pour la vie"

| | | |
|---|---|---|
| 25 | 03 | 23 |

## Training Day

| | | |
|---|---|---|
| 08 | 04 | 23 |

# Mir soe Merci!



Le partenaire
assurances de l'ALEM

ALEM

Avec le soutien de votre agence Foyer

## SCHMIT, HUMBERT & MOURA

### Développez votre activité en toute sérénité.

**Protégez-vous,** avec la garantie responsabilité professionnelle de reebou pro, vous couvrez votre responsabilité légale vis-à-vis de tiers.

**Planifiez votre avenir,** avec le régime complémentaire de pension horizont pro vous combinez épargne retraite, prévoyance et avantage fiscal.

**Assurez vos revenus** en cas d'incapacité de travail, grâce à la couverture perte de revenu de medicis pro ou avec la rente invalidité.

**Protégez vos données des cyber-attaques,** avec l'assurance cyber pro, on vous aide à anticiper ces dangers et on vous assiste et accompagne en cas de problème.


**Agence Principale d'Assurances**
35, rue J.-F. Kennedy - L-7327 Steinsel
**Joël Humbert** - joel.humbert@agencefoyer.lu -
**Pedro Moura** -pedro.moura@agencefoyer.lu -
3232@agencefoyer.lu -


Foyer

Einfach fir
Iech do

Foyer.lu